PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet 7652

Lëtzebuerg, den 12/02/2021

Motioun

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- Am Alldag geschéihen am Stroosseverkéier eng séllege Feehler, déi vu mënschlecher Origine sinn, ewéi zum Beispill ee Mangel u Konzentratioun, Middegkeet, Oflenkung, lues Reflexer, asw.
- Modern Sécherheetsequipementer an Autoen kënnen Accidenter verhënneren, déi duerch mënschlecht Handelen eleng net ze verhënnere wieren.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

1. modern Sécherheetstechnik beim Kaf vun engem Neiwon mat enger Subventioun z'ënnerstëtzen an dat ënnert de folgende Konditiounen: -fir Autoen bis zu engem Kafpräis vu 40 000€ soll de Montant vun dëser Subventioun maximal 1000€ bedroen. -fir Autoen mat engem Kafpräis ab 40 000€ soll d'Bäihëllef maximal 250€ bedroen.